piraten.lu

N°3487
Entrée le 20.01.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 21.01.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/01/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

Enn November gouf am Lycée de Garçons de Luxembourg eng "Konferenz" ofgehalen, déi vun enger Asbl organiséiert gouf an un där aktiv Politiker souwéi ideologesch positionéiert Intervenante bedeelegt waren. Et ass u sech kloer, dass d'Schoulen hei am Land an hirem Bildungsoptrag der politescher Neutralitéit ënnerstinn. D'Notzung vu Schoulinfrastrukture fir politesch Evenementer, wou dann och nëmmen eng Säit vun der Medail beliicht gëtt, stellt dës politesch Neutralitéit a Fro.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Dierfen ëffentlech Schoulinfrastrukturen genotzt ginn, fir Manifestatiounen, Konferenzen oder Reuniounen ofzehalen, un deene politesch Acteuren als Spriecher optrieden?

2. Wéi gëtt an esou Fäll garantéiert, datt de Prinzip vun der politescher Neutralitéit vun de Schoulen agehale gëtt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 3487 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen**

1. **Dierfen ëffentlech Schoulinfrastrukturen genotzt ginn, fir Manifestatiounen, Konferenzen oder Reuniounen ofzehalen, un deene politesch Acteuren als Spriecher optrieden?**
2. **Wéi gëtt an esou Fäll garantéiert, datt de Prinzip vun der politescher Neutralitéit vun de Schoulen agehale gëtt?**

Den honorabelen Deputéierte schreift zu Recht, datt *„d'Schoulen hei am Land an hirem Bildungsoptrag der politescher Neutralitéit ënnerstinn"*; dës Virgab vu politescher Neutralitéit ass an enger ministerieller Instruktioun ausdrécklech festgehalen. Am Enseignement secondaire sinn d'Direktere vun de Lycéeë fir d'Anhale vun der Neutralitéit zoustänneg.

Als ëffentlech Gebaier kënnen d'Schoulinfrastrukturen awer och ausserhalb vun de Schoulzäite vun externen Intervenantë genotzt ginn; och an dësem Fall ënnerläit den Zougang der Autorisatioun vun der Schouldirektioun. Well et sech net ëm Schoulaktivitéiten handelt, gëllen dann déi allgemeng Reegelen, déi sech op ëffentlech Veranstaltungen applizéieren.

Lëtzebuerg, den 13. Februar 2026

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH